

WANDROUS

LIONS BLEUS
Ausgab N°381
SEPTEMBER-DEZEMBER

WANDROUS

Redaktion: Cheffenekipp LBB
Respo fir den Drock & Verschécken: LBB
Exemplaires: 230 /// Paperless: 47/230
E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu

LIONS BLEUS

Infos générales: cg@lionsbleus.lu
Location chalet: location@lionsbleus.lu
Compte Groupe LBB:
CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000



FNEL Polaris'22



UP TO DATE MAT DER WANDROUS !

Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op Facebook
www.facebook.com/lionsbleus

WANDROUS PUBLICILÉIT



Waat brauchts DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op gudd Scoutsmaterial an op eng exellent Beroodung?
DU hues eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!


Dann ass hei Adress fir dëch:
VIKING-ADVENTURES zu Tréier!
Paulinstrasse 25 D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES !



* DU kriss op ALL Artikel 10%
Ermässeung,
wanns DU déng gültig Lions Bleu
Memberskaart firweisen kanns !!!



www.viking-adventures.de

LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmere an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

Dann zéck nët an géff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus‘

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Hauptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lët déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllef, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.
mat engem Ordre permanent*
vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme**

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue‘ zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freeen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméisseg Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtzt villaicht méi liicht ze verkraaften ass
Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !

CHEFFEN 2022-2023

Simply present LBB-STAFF for 2022-2023:

Léif Elteren,

Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.

Zéckt nët fir Sie ze kontaktéieren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.



Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:

FLAMMANG Adrien (Loup)

ENGLEBERT Lara (Dama)

HEINEN Catherine (Fugu)

FISCHER Manon (Tamia)

Contacts:

Allgemeng E-Mail: cheffen@lionsbleus.lu

just Chef de Groupe: cg@lionsbleus.lu



BEAVER (BV)

FRISCH Danie (GriGri)

ORELLANA Ruben (Reebou)

FLAMMANG Raphaël (Hawky)

Konto:

Les Lions Bleus - Beaver

> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

Allgemeng Email: beaver@lionsbleus.lu



MEUTE (LX)

HAUENSTEIN Tasha (Ikki)

RODESCH Jasmine (Matka)

ENGLEBERT Lara (Dama)

HEINEN Catherine (Fugu)

FLAMMANG Adrien (Loup)

Konto:

Les Lions Bleus - Meute

> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

Allgemeng Email: meute@lionsbleus.lu



TROUPE (SG)

PIRON Aleksis

DUARTE Lea

PEPIN Cédric

MAJERUS Ketty

Konto:

Les Lions Bleus - Troupe

> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

Allgemeng Email: troupe@lionsbleus.lu



EXPLORER (EX)

LAMAMRA Harry (Mammut)

MAJERUS Max (Lynx)

PIRON Nicolas

FRISCH Pit

Konto:

Les Lions Bleus - Explorer

> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

Allgemeng Email: explorer@lionsbleus.lu



ROVER (RO)

HEINEN Nora (Quagga)

Email: rover@lionsbleus.lu



TEMBO (TB)

SCHMITT Lex (Atra)

FISCHER Manon (Tamia)

Email: tembo@lionsbleus.lu

LBB goes PAPERLESS

Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,

Iwwerall op der Welt ginn et de Moment Diskussionsionnen iwwer de Klimawandel sozial an ekologesch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbessern wëll an et ass méttlerweil een Thema, dat een net méi ignoréieren kann.



Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou et geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir dat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gärén un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:

Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat lech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!



Heimat wëll ech méng Wandrous an Zukunft:

- weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.

Dëst op d'Adress:

- nët méi informéiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

FICHE MÉDICALE 2022-2023

Léiw Elteren,

Vum lëtzebuergësch Gesetz hir sinn mir verpflichtet, ëmmer um neisten Stand ze sinn, waat d'Gesondheet an d'Wuelbefannen vun ärem Kand ugeet. Dowéinst wëllen mir Iech bidden, fir d'Scoutsjoër 2022-2023 eng Fiche Médicale auszufëllen an den Cheffen oofzeginn. Dës ganz Donnéeën ginn vertraulich behandelt an ginn vun den jeweiligen Cheffen en Diskretion stockéiert.

Gesetzlech sinn mir ausserdem verpflichtet, no engem Joër dës Fichen ze vernichten, esou dass keen méi Accès op dës Donnéeën huet.

Dës Fiche fann dir op eisem Site ënnert dem Lien "Publications" (<http://www.lionsbleus.lu>). Déi komplett ausgefëllten/ënnerschriwwen Fiche Médicale kënn dir dem respektiven Chef oofginn oder op eis Boite Postale schécken.

Leider kënnen mir ärt Kand net méi mathuelen, wann dës Fiche net bis den 15. Oktober 2022 richtig ausgefëllt an bei ons ukomm ass.

Merci fir ärt Versteesdemëch 



Fiche santé individuelle
2019-2020

A compléter par les parents ou tout membre majeur au début de chaque année.

Cette fiche a pour objectif d'être au plus près de votre enfant(e) vous-même, en cas de nécessité. Elle sera un appui pour les responsables scouts ou le personnel soignant en cas de besoin. Il est essentiel que les renseignements que vous fournissez soient complets, corrects et à jour au moment des activités concernées. N'hésitez pas à ajouter des informations écrites ou orales aux animateurs si cela vous semble utile.

Identité du participant

Prénom : _____ Nom : _____
Date de naissance : _____ Matricule : _____
Adresse : _____
E-mail : _____ Tél. / GSM : _____

Personnes à contacter en cas d'urgence

1. Nom & Adresse : _____
Lien de parenté : _____
E-mail : _____ GSM : _____
2. Nom & Adresse : _____
Lien de parenté : _____
E-mail : _____ Tél. / GSM : _____

Médecin(s) traitant(s)

1. Nom & Adresse : _____
E-mail : _____ Tél. / GSM : _____
2. Nom & Adresse : _____
E-mail : _____ Tél. / GSM : _____

Informations confidentielles concernant la santé du participant

Le participant peut-il prendre part aux activités proposées ? (sport, excursions, jeux, natation...)

Raisons d'une éventuelle non-participation

Y a-t-il des données médicales spécifiques importantes à connaître pour le bon déroulement de l'activité/camp ? (ex : problèmes cardiaques, épilepsie, asthme, diabète, mal des transports, rhumatisme, somnambulisme, affections cutanées, allergies, troubles du moteur ou mental...) Indiquez la fréquence, la gravité et les actions à mettre en œuvre pour les éviter et/ou y résister.

Chers parents,

Vu la législation luxembourgeoise, nous sommes obligés à être à l'actuel de la santé et du bien-être de vos enfants. C'est pourquoi par la présente, nous vous demandons de remplir correctement et signer une fiche santé individuelle de votre enfant pour l'année scout 2022-2023 et de la remettre aux responsables respectifs. Ces données évidemment personnelles sont garantis à être traitées avec discrétion et ne sont utilisés que par les personnes responsables concernées.

Egalement, obligés par loi, après 12 mois, nous procédons à la destruction définitive des données pour supprimer tout accès aux données confidentielles.

Vous trouverez cette fiche sur notre site internet sous le lien "Publications" (<http://www.lionsbleus.lu>). Nous vous prions alors de bien vouloir remettre cette fiche dûment remplie aux responsables respectifs ou de l'envoyer à notre boîte postale.

Votre enfant ne peut malheureusement plus participer aux activités, si cette fiche n'est remplie et remise avant le 15 octobre 2022.

Merci pour votre compréhension


**Meilleures salutations scouts :)
Gremium chefs de groupe**



En neit Scoutsjoer fänkt un.

Et gët grouss Beaver, Wëllef an Scouten, dèi den nächsten Schrëtt op hierem Scoutswee maan. Sou gët aus engem grouse Beaver e klengen Wëllefchen, aus engem groussen Wëllefchen e klengen Scout an aus engem groussen Scout e klengen Explorer.

Mell dëch also sèier un, fir déng Scoutskollegen op dësem Wee ze begleeden an zesummen e flotten Weekend ze erliewen.



Wèini:

1.-2.Oktober 2022

Beaver(BV):

1.Oktober 22 um 14h00-17h00 jeweils beim Home LBB

Wellëf(LX):

1.Oktober 22 um 14h00 beim Home beim Home LBB

Start SG/EX:

1.Oktober 22 um 10h00 op der Gare Centrale Luxembourg

Schluss LX/SG/EX:

2.Oktober 22 um 15h00 beim Home LBB

Präiss:

21,00 €, bis den 24.September 22 op den Compte: Les Lions Bleus - Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) ze iwwerweisen, mat der Mentioun: Montée'22 + Numm vum Participant.

> **Bezuelen muss jiddereen deen do schléift !!!**

Souche: Oofzeginn/mailen op cg@lionsbleus.lu bis spëidstens den 24.September 22 !!!

Waat brauchen LX/SG/EX :

Uniform, Schloofsaack&Carrymatt, Täschenluucht, Täschenmesser (ab SG), Bidon m.Waasser, Ersatzkleeder, Wäschaachen, Biergschong.....

>>> **Opgepasst !!! SG & EX brauchen zousätzlech een Pic-Nic fir SA-Mëttes !!!**


d'CheffenEkip



Ech erlaaben
mëngem Beaver/Wëllefchen/Scout/Guide/Explorer

.....
un der **Montée 2022** vum 1.-2.10.2022
zu Bouneweg deelzehuelen.

.....
Ënnerschrëft vun den Elteren



VIIZ-WEEK&ÄPPELSTUFF | AB SCOUTEN



An der Hoffnung dass mir dës Joër méi Äppel hun, maachen mir erëm een ViizWeekend. Samsdes gesinn mir eis moies fréi ier d'Sonn opgeet beim Home fir dann zesummen duerch onst Ländchen ze fueren, op der Sich no deenen schéinsten an beschten Äppel. Se ginn geraaf & geplèckt, d'Beem gi gerëselt an geheemelt. Sonndes dann ginn d'Äppel raséiert, gewäsch, geschnidden, gehäckelt, gekeltert, gestériséiert, gedronk & giess...

> **Loos: dir deen Gaumenschmaus: nët entgoën!!!**

RENDEZ-VOUS & RETOUR:

15. Oktober 2022 um 9:30 Auer

16. Oktober 2021 ab 14:00 Auer jeweils beim Home LBB.

>>> **Sonndes ab 14:00** Auer sinn är Elteren & natierlech och **BV & LX mat Elteren & Frënn** härzlechst op e Patt frëschgepresste Viiz an e Stëck Äppelkuch an eis Äppelstuff (Alles fir 1€) agelueden ...

PRAISS: **25 Euro** sinn bis den 8. Oktober 2022 ze iwwerweisen op de Compte BCEE Les Lions Bleus-Rover (LU83 0019 4955 9103 3000)

SOUCHE: Ass oofzeginn bis den 8. Oktober 2022 bei dëngen Cheffen.

MATERIAL: dem Wieder ugepasste Kleeder, Gamelle, Besteck, Becher, Schloofsaack, fest Schong, Wäschaachen, Schaffhännchen, ...+ **2 eidel & propper Fläschchen** mat déngem Numm drop fir dain Viiz...

Aus den Äppel gëtt net nemmen frësch Viiz gemaach, deen dobai och nach super lecker ass, mee och séiss Taarten, Äppeläschchen, Kompott an anch villes méi.

Wann dir also är Kanner sichen kommt oder är Kanner bei eis an de Beaver oder an de Wëllef sin oder dir eemol wëllt Moien soen kommen, lueden mir ierch an, op eis Äppelstuff. Famill an Frënn si Wellkomm an vir e klengen Obulus (1 Euro op alles) gëtt et och nach eppes ze knabberen an ze baissen.

Onoofhängeg op's du mat um Viizweekend dobai bass, invitieren mir Dëch, dëng Famill an Frënn härzlech op eis

Äppelstuff, den 16. Oktober 2022
vun 14h00 - 16h30

ze kommen an mat eis zesummen e Stëck Kuch ze iessen oder e Glas Viiz ze drénken.

Umellen kann: du dëch och mat dëser Souche!

Ech _____

ginn gären mat op den **Viizweekend 2022** vum 15.-16. Oktober 2022.

mellen mëch un fir d'**Äppelstuff den 16. Oktober '22** & mir kommen mat ____ Leit.

(Ennerschreft vun den Elteren)

HALLOWEEN-WE | FIR BEAVER, MEUTE

Dëst Joër ass et nees esou wäit !



D'Lions Bleus lueden d'Beaver an d'Wëllef an,
op een grujelegen HalloweenWeekend
bei eis am Home, mat Musék, Lessen,
Gedrénks, Spiller a vill méi ...



Natiirlech gehéiert hei déng cool an grujeleg Verkleedung dobäi !
Mell dëch séier un, dat mir alleguer d'Zutaten fir den Zaubertrank
bestellen kënnen.

... ha - ha - ha - ha - ha ...



Rendez-Vous & Retour:

Samstes, den 29.10.22 um 09:00 beim Home

Samstes, den 30.10.22 um 16:00 beim Home

Präiss: 25 Euro sinn bis den 16.10.22 ze inwwerweisen op
den Compte LU56 0019 4955 9099 1000 mat der
Mentioun Halloween WE + Numm vum Kand

Souche: uofzeginn bis spéitstens den 15.10.2022 !!!

Waat brauch du:

Waarm Kleeder, Mutz, Schaal, Händchen, Ersatzkleeder,
Wäschaachen, Schloofsack, Carrymatt (nemme fir
d'Wëllef), Pyjama, Bidon, eng cool an grujeleg
Verkleedung !!!

Heimat erlaaben ech _____ mëngem Kand

_____ den 29-30.10.22 op den HalloweenWeekend matzegoen.

Datum & Ënnerschrëft: _____



SORTIE | FIR TROUPE (SC)

Natur Entdeckungs Sortie 19. November'22

Natur ass dem Scout säin Element. Mir sinn ëmmer an der Natur ënnerwee, wësse wei d'Natur tickt an och wei mir da Natur hëllef kennen. Eis Natur ass iwwehall a net nëmmen an eise ville Bëscher.

Souguer an eiser Staat gött et vill Natur di een entdecke kann. Do verstoppe sech vill Geheimnisser di nach op sech waarden fir entdeckt ze ginn. Planzen, Deieren an nach méi interessant Saache si virun eiser Dier an der Staat ze fannen. Dowéinst komm mat op eis Natur Entdeckungs Sortie duerch an an der Stadt!



Rendez-Vous: 19. November um 9.00 bei der Gëlle Fra
Schluss: 19. November um 16.00 och bei der Gëlle Fra

Waat brauch ech:
dem Wieder ugepasste Kleeder, Foulard, kleng Rucksak mat: gefëllte Bidon, Picknick a grousem Natur Entdeckungswëllen.

Souche: oofzeginn bis 12.11.2022

Präiss: 5€, sinn ze iwweweisen bis spëtstens den 12. November 22, op de Compte: Les Lions Bleus-Troupe (LU65 0019 4955 9100 5000) mat der Mentioun: Natur-Entdeckungs Sortie + Numm vum Scout.

Heimat erlaaben ech

mëngem Scout/Guide
op der Natur Entdeckungs Sortie den **19. November 2022**
deelzehuelen.

.....
Ënnerschrëft vun den Elteren



LBB SCHAFF-WEEKEND



UN ALL

EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE, AMICALE, CP'en & FRËNN

D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nët méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...

Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum 26.-27.11.2022 am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nët däin Schued sinn. Natiirlech gët nët nëmmen geschafft. NeeNee !!!

Mir wärten all déi Lèit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass Näischt vun Näischt kënnt :):):)

Allerdéngs ass ëmmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nët ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!

WICHTEG INFOS:


Rendez-Vous: Den 26.November 22 um ...8 Auer MAT Kaffi
...9 Auer OUNI Kaffi

Schluss: Den 27.November 22 um 16 Auer.
Wou? Natiirlech am Home.

Waat brauchst du? Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder & natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun...

Unmeldung/Souche?

Dës kanns du oofginn bei engem Chef/Comitésmember oder du schécks e Mail op: cg@lionsbleus.lu



Heimat mellen ech _____ mëch fir de Schaff-Weekend am Home fir den 26.-27.November 2022 un & kommen Samstes op de Start:

um 8 mat Kaffi

um 9 ouni Kaffi

(WEG ukraizen)

Datum & Ënnerschrëft: _____



**MIR ginn
SCHLITTSCHONG
fueren !!!**

**Sou lues verstëpsen eis Schlittschong am Keller.
Dofir gët et héisch Zäit dass mir së mol erëm benotzen!!! Mell
dëch also séier un fir dat mir och mat DIR puer Pirouetten
dréinen kënnen.**

- Wèini:** Den 26. November 2022 um 14:00 baussen bei der Entrée vun
der Schlittschongspist op der Kockelscheier
(42 route de Bettembourg L-1899 Luxembourg)
- Retour:** 17:00 baussen bei der Entrée vun der Schlittschongspist
- Präiss:** 3€ sinn mat op den Rendez-vous ze bréngen + 3€ fir
d'Locatioun vun Schlittschong
- Souche:** ass oofzeginn bis spëidstens den 19.11.22 !!!
- Waat brauchs du:** Passend Kleeder undoën !!!
(Hännschen, Schaal...), eppes fir ze drénken an eppes
Klenges fir ze iessen/Snack !!!

BEAVERKLACK

**Heimat erlaaben ech mëngem
Beaver den
26.11.2022 un der Schlittschong-Sortie deel ze huelen.**



.....
Ënnerschrëft

.....
Schonggréisst vum Kand

Chrëchtmaart 2022

Dëst Joer lueden d'Lions Bleus Iech ob den 1. LBB
Chrëschtmaart an, **Freides den 2.12.2022** a Jiddereen
ass Wëllkomm!

Leed mat eis zesummen d'Chrëschtseason an, mat leckerem
Boxemännchen, waarme Glühwäin an natierlech Schocki fir déi
Kleng. Mir empfänken Iech an enger wonnerschéiner
Winterwonderland Stëmmung mat Musek, Deko an natierlech
ass de Kleeschen och dobäi 壽羽

D'Kanner wäerten den Owend och hier selwer gebastelt
Saache verkafen!

Sidd dobäi fir dësen onvergieslechen Owend.
Dat eenzegt wat dir braucht si gutt waarm Kleeder,
vill Freed an een **BECHER**.

Start ass um 18h30 bei eis am Home

> Gëff eis just bescheed op: cg@lionsbleus.lu
(Numm & Unzuell Kanner / Erwuessener)





ROVER-TEMBO-WEEKEND
Wanter Editioun 2022



Ganz genee, du lies richtig,
am Dezember steet nees e Rover-Tembo-Weekend virun der Dier.
Sou an elo nët méi laang gesabbelt, du wees jo souwisou ëm waat ët geet...
Also mell dëch einfach un ;)

Wéini: 3.-4. Dezember 2022

Rendez-Vous: Samstes, 3.12.22_moies_Gare Dommeldange
Retour: Sonndes, 4.12.22_+/- 16-17:00 Auer_Gare Dommeldange

!!! more details/infos after inscription !!!

Material: Pic-Nic fir Samschdes-Mëttes, Gegrills fir SO-Mëttes, Carry-Mat,
Schloofsaack, e Rucksack voller Informatiounen & Motivation, 8 8-tëcher,
.....

Däin groussen Rucksack gët wèi ëmmer gefouert an däin klengen Rucksak
hëlls du mat ob den Trajet...

Umeldung bis spëidstens den 26. November 2022,
per mail op: paco_grizzly@hotmail.com

- - - Also bis dann um RoverTemboWeekend - Wanter Editioun 2022 - - -




WINTER WONDERLAND

Hues du Loscht op en flotten Dag, dobaussen an der Natur?

Passend zum Thema, gi mer natierlech och Schlittschong fueren! Also opgepasst, do dech waarm genuch un!

Mell dech séier un!



- Datum:** Samstes, 17.Dezember 2022
- RDV:** 10:00 op dem Parking bei der Kockelscheier Äispist
- Retour:** 16:00 op dem Parking bei der Kockelscheier Äispist
- Präiss:** 10 Euro, sinn mat op den RDV zebréngen!

Bréng folgend Saachen mat:

Waarm Kleedung, Händchen (!), Pick-Nick fir Mettes, dem Wëllefchen séng 5 Saachen, Foulard



DELAIS ass den 3.12.2022 >>> Dono gi KENG Umellungen méi ungeholl !



Heimat mellen ech am Delais
main Wëllefchen fir
WanterSortie den **17. Dezember 2022** un.

.....
Ënnerschrëft vun den Elteren

.....
Dro hei déng Schonggréisst an



PROGRAMM BEAVER

01-02.10.2022		MONTEE
08.10.2022	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
15.10.2022		keng Versammlung
16.10.2022		LBB SECOND-HAND, SHOP & ÄPPEL-STUFF
22.10.2022	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
29.10-30.10.2022		HALLOWEEN-WEEKEND mat den L
29.10-06.11.2022		keng Versammlung - Vakanz
12.11.2022	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
19.11.2022	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
26.11.2022		SCHLITTSCHONG-SORTIE
02.12.2022		KLEESCHEN - LB CHRËSCHMAART
03.12.2022		keng Versammlung (RO/TB Weeken
10.12.2022	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
17.12.2022	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
24.12.2022		keng Versammlung - Vakanz
31.12.2022		keng Versammlung - Vakanz

PROGRAMM WËLLEFCHER

01-02.10.2022		MONTEE
08.10.2022	14:00 - 16:00	Versammlung
15.10.2022		keng Versammlung
16.10.2022		LBB SECOND-HAND, SHOP & ÄPPEL-STUFF
22.10.2022	14:00 - 16:00	Versammlung
29.10-30.10.2022		HALLOWEEN-WEEKEND mat den B
29.10-06.11.2022		keng Versammlung - Vakanz
12.11.2022	14:00 - 16:00	Versammlung
19.11.2022	14:00 - 16:00	Versammlung
26.11.2022	14:00 - 16:00	Versammlung
02.12.2022		KLEESCHEN - LB CHRËSCHMAART
03.12.2022		keng Versammlung (RO/TB Weeken
10.12.2022	14:00 - 16:00	Versammlung
17.12.2022	14:00 - 16:00	SORTIE KOCKELSCHEIER
24.12.2022		keng Versammlung - Vakanz
31.12.2022		keng Versammlung - Vakanz

PROGRAMM SCOUTEN

01-02.10.2022		MONTEE
08.10.2022	14:00 - 16:00	TroupenVersammlung
15-16.10.2022		VIIZ-WEEKEND
16.10.2022		LBB SECOND-HAND, SHOP & ÄPPEL-STUFF
22.10.2022	14:00 - 16:00	PatrullenVersammlung
29.10 - 06.11.2022		keng Versammlung - Vakanz
12.11.2022	14:00 - 16:00	TroupenVersammlung
19.11.2022		NATUR ENTDECKUNGS-SORTIE
26.11.2022	14:00 - 16:00	PatrullenVersammlung
02.12.2022		KLEESCHEN - LB CHRËSCHMAART
03.12.2022		keng Versammlung (RO/TB Weeken
10.12.2022	14:00 - 16:00	TroupenVersammlung
17.12.2022	14:00 - 16:00	PatrullenVersammlung
24.12.2022		keng Versammlung - Vakanz
31.12.2022		keng Versammlung - Vakanz
07.01.2023		keng Versammlung - Vakanz

PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

01-02.10.2022		MONTEE
08.10.2022	14:00 - 16:00	EX Versammlung
15-16.10.2022		VIIZ-WEEKEND
16.10.2022		LBB SECOND-HAND, SHOP & ÄPPEL-STUFF
22.10.2022	14:00 - 16:00	EX Versammlung
29.10 - 06.11.2022		keng Versammlung - Vakanz
05.11.2022		FNEL EX Kach-DUELL
12.11.2022	14:00 - 16:00	EX Versammlung
19.11.2022	14:00 - 16:00	EX Versammlung
26.11.2022	14:00 - 16:00	EX Versammlung
02.12.2022		KLEESCHEN - LB CHRËSCHMAART
03.12.2022		keng EX Versammlung (RO/TB WE)
03.12 - 04.12.2022		RO/TB WEEKEND
10.12.2022		BA Winterkids
17.12.2022		BA Winterkid\$ FNEL RO ChrëschtPa
24.+31.12.2022		keng Versammlung - Vakanz

RAPPORT FNEL FunDay| BEAVER (BV)


Den 9 Mee 22 war et erëm esou weit, d'Beaver hunn sech um Fetschenhaff getraff fir op den Beaver FunDay ze goen. Um 11 Auer hunn mir eis all versammelt an ongedëlleg drop gewaart dass et endlech lass geet. No enger mega cooler Introduktioun, ass et dunn endlech lass gaangen. Alleguerten d' Beaver Ritteren, Prinzessinnen, Draachen, etc... konnten lass leen mat den Posten. Mee mir hunn eis vir d' éischt mol mat eisem Pic-Nic gestärkt vir dass mir och esou richtig vill Kraaft an Motivatioun haten. Den Beaver FunDay huet vun 11-16 Auer gedauert, an an daer Zait krutten mir baal alleguerten d' Posten gemaach. Den wichtegsten an coolsten Posten war natierlech dat mega coolt Sprangschlass wat do war, mee et waren och mega cool aner Posten do. Als Ofschloss gouf et dann och nach een richtig gutt Stéck Kuch. Nodeems den BeaverFunDay fäerdeg war, kéint et sinn villaicht awer net, dass d'Beavercheffen déi mega cool Dekoratioun vum Beaver Funday einfach esou matgeholl hunn an déi elo am BeaverSall hänkt. D'Beaver an d'Beavercheffen soen dem Ikki een groussen Beaver Merci dass hat hëllefen komm ass, an mat eis een mega coolen Daach verbruecht huet. **Reebou & Grigri**



RAPPORT FNEL Sixplo| MEUTE (LX)

Samstes hunn sech nemmen d'Sixer vun der Meute um 13:30 zu lechternach beim Séi getraff. Fir och déi aaner Sixer vum Land kennen ze léieren, goufen sie an gemeschten Sixainen opgedeelt an denen sie verschidden Posten ronderem den Séi bewältegen mussten. Fir also hiert Piratendiplom ze kreien, missten sie zum Beispill een Schwert bastelen, eng Piratenfaal iwwerliewen, an engem Pedalo iwwert den Séi fueren an sech awer och als Crew beweisen. No desem wichtegen Schrëtt gouf sech dann an der Jugendherberg installéiert an do gouf et dann och Owendiessen. Dono ass et nach eng kéier eraus gaang, well den Piratenschatz ass geklaut ginn, an d'Sixer missten anhand vun d'Indicen déi sie vun denen verschiddenen Crewmitglieder krut hunn den Schëllegen fannen. Et war leider den Kach.


Wéi den Täter bis iwverféiert war, konnten sech d'Wëllefcher bettfärdeg machen well den nächsten Dag géif nach den Rescht vun der Meute kommen. **Ikki**



RAPPORT FNEL Sixplo | MEUTE (LX)



Mir hunn eis um Lampertsbiereg getraff an sinn mam Bus bei den lechternacher Séi gefuer. Mir hunn eis do an een Krees gestallt an kruten erklärt dass mer ob Posten mussen goen an bei all Posten war een anert Spill. Mir hunn dann zu Mëtteg gies. Dunn hunn mir missen an 30 Minuten 16 Aufgaben leisen, zum Beispill jüiderengem een Tattoo op d'Been molen. D'GriGri ass mat sengem Hond komm an deen war wierklech mega léif. Elliott Kontz




RAPPORT FNEL Asteroid| ROVER/TEMBO (RO/TB)



Den Sannsten den 14.05 huet den Asteroid Day vun der FNEL stattfont. Moies hunn mir eis alleguer um 10 Auer beim Home vun der FNEL um Cents getraff. Den ganzen Moien hunn mir, an verschidden Gruppen angedeelt, Posten gemaach wou mir Rakeiten gebaut, Asteroiden geschoss an eng Saifty Base gebaut hunn. Mir sinn och an en opbloosbaren Planetarium gaang an hunn eis do d'Stären erkläre geloos. Eis hunn och drai Leit vun enger Japanescher Firma en Rover erlärt. Mat engem flotten Parcour hunn mir geleiert wei schweier et ass zwee Astronauten iwwer Funk ze dirigeieren. Mettes hun mir dann gudd Mëtteg giess an dunn ass den Dumitru Prunariu, deen eischten Rumäneschen Astronaut, schon komm an huet eis fill Saachen iwwert seng Rees an d'All erzielt. An mir duerften him Froen stellen. Fir den 41. Gebuertsdag wou hien an d'All geflunn ass, gouf et dann nach richtig gudd Cupcakes mat enger iessbarer Foto vun him drop. Nodeems hien gaang wor, hun mir nach en bessen un eise Poste weider gemaach. Dunn wor et schon erem Zait fir Heem ze goen, mir kruten nach en Badge an en Diplom. No enge Chaines des adieu ass jiddereen erem Heem gang.



Amélie




RAPPORT PëngschtCamp | GROUPE (GR)

Samsdes, den 21. Mee goug eisen échte PëngschtCamp sait enger vill ze laanger Zait nees lass. D'Scouten an d'Explorer hunn sech Moies um 9:00 op der Gare Centrale getraff, voller Firfreed op eng flott Zait. Déi laangjäreg Frënn vun de Lions Bleus, de Fred an d'Wilma Feuerstein, hunn hinnen do e Message zoukomme gelooss. Sie hunn de Grupp hearzlech invitéiert, an der Zait zeréckzereesen an sie ze besichen. Natierlech hunn sie dofir déi aal-bekannte Schieferpost benotzt. Knapps woren d'Scouten an d'Explorer dunn um Trajet a Richtung Bilsdinoduerf, hunn sech dann um 14:00 schon d'Beaver an d'Wëllefcher versammelt. Och sie kruten natierlech eng Invitatioun vun de Feuersteins an hunn sech du mam Zaitbus séier op de Wee Richtung Bilsdinoduerf gemaach. Ennerwee hunn sie sech mat enger Reih Quizzer flaißeg Uhrzaitwëssen ugeeegent, esou datt sie schon als Experte konnte Punkte bei de Feuersteins.

Während déi grouß Branche scho flaißeg umgaange woren, - wéi dat Fréier esou üblech wor - sech eng rustikal Kichekonstruktioun ze bauen an hier Zelter opzeriichten, hunn déi kleng Branchen nach ebëssen d'Emgéigend entdeckt. De Fred an d'Wilma haten hinnen e flotte Wee mat Uhrzait-Symboler gezeechent; laanscht impressionant Schiefersteen, wëll Déieren (tatsächlech gouf et Kéi, Peard a souguer en Iesel ze gesinn) souwéi e Puer Hindernisser. Do hunn Beaver an d'Wëllef missen hier Juegd- an Iwwerliewenskënscht ënner Beweis stellen. Wéi dunn geint 18:00 jidfereen op der Campplaat ukomm wor a sëch an sengem Dortoir respektiv an der Zelter installéiert hat, du sinn och de Fred an d'Wilma heemkomm. Gemitterlech souzen sie an hierem, mat vill Léift gebauten, Haischen ze schnëssen. Hieren Hausdino, de Georges huet sech dobai wéi emmer vum Wilma um Schouß heemele gelooss. Mais op eemol, koum drai riiseg wëll Dinoe gerannt. Bannent enger Minutt haten déi drai de Feuersteins hiert Haus zerstéiert an alles geklaut, wat sie an hier Griffele kruten. Net emol de Steentelefon, fir deen de Fred esou laang all haart verdingtenen Stehen gespuert hat, hunn sie zeréckgelooss. Dem Dino sai Dank hunn déi blo Léiwen sech direkt bereet erklärt, dem Fred an dem Wilma ze hëllefen hier Saachen erëmzekerien an hiert Haus mat hieren Handwierkskënscht nees opzebauen. Awer firt éicht huet deen eidele Mo emol misse gefëllt ginn. D'Feuersteins hate glécklecherweis vun hieren Uerzaitmënsche-Frënn scho lecker Kniddele préparéiert kritt, déi een sech net konnt entgoe loossen. D'Scouten an d'Explorer hunn hier Kniddelen natierlech selwer op hie fuschneie Kiche gekacht.

Nom lessen huet de Fred de Kanner erklärt, dass et immens wichteg wier, datt hien Owes nach sai Steentelefon zeréck géif kréien. Hie wollt net esou ganz mat der Sprooch eraus, mais dofunner géingen déi ganz Pläng fir de Sonndeg ofhänken! Doropshin hunn d'Kanner sëch an d'Daischttert getraut an no Hinweiser gesicht, wou sech deen Telefon kéint befannen. Muteg hunn sie géint, hinnen oplauernden Dinoen an Urmënsche gekämpft a schlieblech all d'Stécker vun enger Kaart fonnt, déi, wéi et schéngt d'Stopp vun den Dinoen markéiert huet. Dem Dino sai Dank woren déi drai zwar mässiv Déieren, awer net déi intelligenteste Wiesen dobaussen. De Fred, d'Wilma an de Georges woussten direkt, wou d'Geheimstopp wor an hunn hie Steentelefon erëmfonnt. Mat der Aussiicht op e weidere, spannenden Daach, ass du jidfereen mitt a sai Schlofsak gefall.



RAPPORT PängschtCamp | GROUPE (GR)

Mee laang wor d'Nuecht net. Sonndes, den 22. Mee stoungen d'Beaver an d'Wëllef schon um 7:30 virun der Kichen a wore prett fir dat nächsten Abenteuer. No enger Stärkung bestoend aus Mëtschen, hunn sie sëch op de Wee gemaach Richtung Martelsteng. De Fred hat do nämlech Owes nach hin telefonéiert, fir dass d'Kanner séng Aarbechtsplaz, de Schieferbroch konnte kenneléieren! Am Bus fir dohinner, hunn sie dann, wéi den Zoufall et wollt, och direkt scho kënnen d'Bekannschaft vun hierem Guide maachen.

Während d'Scouten an d'Explorer Mueres hierer Lieblingsbeschäftigung, dem Wandern, nogaange sinn, hunn déi kléng Branchen also de Schieferbroch onsëcher gemaach. Sie goufen allerlee gewuer iwwert déi al Machinnerie, konnten sech al Stollen ukucke goen, a souguer selwer Hand uleen fir sech eng Ketten aus Schiefer an eng eege Lee ze schneiden an ze schlaifen. Als Kréinung huet du jidferen dierfte mam alen Zichelchen een Tuer iwwert de Site man. Wéi dat bei de Scouten üblich ass, kruten d'Guiden zum Schluss natierlech Merci gesot anhand vun engem Bon.

Mëttes sinn d'Scouten an d'Explorer dun och op Martelsteng komm an de ganze Grupp huet eng lecker Nuddelsalat gieß. Déi grouß Branche kruten du Mëttes de ganze Site gewisen an um Enn woust jidferen, wat de Fred Feuerstein fir eng haart Aarbecht hat. D'Beaver an d'Wëllef hunn nach um Site vun der Sonn profitéiert an op enger groußer Wiss gespilt, bis datt sie sech dunn nees op de Wee zeréck bei d'Campplaz gemaach hunn. Do hunn sie dunn als Merci fir dee schéinen Daach decidéiert, der Famill Feuerstein net nëmmen en neie Feuersteinmobil ze bauen, nee, souguer e Minibus hunn sie hiergestallt. Wéi dunn Owes jidferen nees do war, gouf e leckere Goulasch mat Gromperen an Zalot gekacht. Nom lessen hunn de Fred an d'Wilma sëch an hier nei Campingstill getesselt, prett fir den Owendleche Steentele-Programm. Dommerweis ass hinnen opgefall, dass natierlech och hier Steentele nët méi do wor! D'Lions Bleus kruuten déi ganz Opreegung mat an hunn iwwerluecht wéi sie deenen zwee hëllef kéinten.

Op emol ass dem Loup agefall, d'Feuersteins kéinten dach un der traditioneller Veillée deeluelen amplaz sech eckeg Aen ze kucken. Begeeschtert vun der Idee, huet d'Wilma de Fred motivéiert, zesumme mam Loup e flotten Owend ze moderéieren. Ronderem dem Feier versammelt souzen d'Team Saugstauber, d'Team Babo an d'Team Fossil. Sie sinn an den Disziplinen Géigenstänn verhalen, Uhrzaitpantomim, Uhrzaitreferat souwéi 1, 2 oder 3 geinteneen ugetrueden. Weem seng Schiefertafel schlussendlech allerdéngs déi hechste Punktziel ugewisen huet wor zweetrange, wann een sech de Feuersteins hier glécklech Gesichter ugekuckt huet.

Op enger Veillée dierf den zeremoniellen Deel natierlech net feelen. An engem feierleche Carré gouf um Enn vum Owend dofir nach den een oder anere Foulard verdeelt an e puer Kanner goufe mat verschiddene Badger ausgezechent fir hier Leeschtungen an deene läschte Méint. D'Beaver an d'Wëllef kruuten dunn nach eng Geschicht erzielt an déi grouß hunn nach ebësse geschnësst, bis du lues a lues jidferengem d'Aen zougefall sinn.

Méindes, den 23. Mee ass den Daach dann um 8:15 lassgaangen. Frësch gestärkt goug et no de Schmieren dann direkt un deen onangenehmen Deel vum Camp, d'Apaken. Duerch déi Super Motivatioun vun de Lions Bleus woren d'Rucksäck awer am Nu gepaakt an d'Zelter woren nach fir Mëtteg an der Remorque.



RAPPORT PëngschtCamp | GROUPE (GR)

Dem Dino sai Dank, well d'Wolleken hunn dunn och keng Minutt méi mat hierem Reen gewaart. D'Wëllef an d'Beaver konnte bei engem Gänsepill hiert wëssen ënner Beweis stellen, D'Scouten an d'Explorer hunn hier Konst-ruktiounen ofgeriicht.

Géint Mëtteg haten de Feuersteins hier Frënn alles préparéiert fir e Pakalu, wéi dunn esou e Reen erofkomm ass, dass een hätt kënnen ënnert fraiem Himmel duschen. Séier huet die ganz Trupp sech dowéinst am Wantergaart verschanzt an e puer muteg Cheffen hunn d'Feier um lieue gehaalen. Awer langweileg ass et während dem waarden net ginn. Wann een aus der Fenster gekuckt huet, dann huet ee gesinn, dass och am Steenduerf Bilsdinoduerf ëmmer eng lass ass. Gemitterlech koum nämlech een Hausschwain iwwert den Trottoir laanscht, an dem Noper sai Gaart spadséiert.

Vir dem Reen en Enn ze setzen, hunn d'Kanner all zesummen een Antireendanz opgefouert. Et schéngt tatsächlech gehollef ze hunn, an d'Paus ass duergaangen, fir d'Pakaluen an d'Feier ze geheien. Nom lessen huet de Fred de Lions Bleus seng grouß Dankbarkeet ausgedréckt, an der Hoffnung, dassen sie a manner chaoteschen Ëmstänn nach emol op Bilsdinoduerf op Besuch kommen. De Grupp huet sech op de Wee Richtung Arsteendorf gemaach, wou dunn, no enger Chaine des Adieux all bloe Léif zefridden nees an d'Joer 2022 gereest ass. **FUGU**



Rapport pëngscht camp Louise KETTER

Mir haaten um 2 Auer op der gare rendez-vous. Mir sinn vun do aus mam Tram bis bei den Bus gefuer. Mir sinn unkomme an Scouten an Explorer waren schon do, sie waren am gengen hier Kichen ob ze riichten. Beaver hunn hier Sachen geholl an sinn an d'Home gaang an mir hunn ons an Zelter installéiert. E puer Minuten méi spéit hunn mir all zesummen een Carré gemach an op een mol sinn Dinoen komm an hunn dem Fred an dem Wilma Feuerstein alles futti gemach an geklaut. Den Fred an d'Wilma sinn bei eis komm an hunn ons gefrot, op mir hinnen hëllef kënnten. Owes hunn mir Kniddelen gies, natierlech waren sie ganz gudd an mir konnten ons och verkleeden. No dem lessen sinn mir an d'Zelter gaangen an mir missten ons warm undoen. Währenddems hunn d'Cheffen mam Fred an Wilma Bänken op geriicht. Fir dem Fred an dem Wilma ze hëllef missten mir Kartenstécker fannen. Mat der Täschenluucht hunn mir denn Karten gesicht mee opgepasst et waren Dinoen do, déi ons gefaangen hunn. Den nächsten Dag sinn mir Moies an den Schiefer Musee gaangen. Mir sinn do enert den Buedem an ennerirdesch Tunnel gaang, hunn eng Ketten gemach an hunn awer och ons eegen Schieferplak gemach. Mëttes hunn mir en groußt Gänsepill gemach dat wor och ganz flott. Owes hunn mir Gulasch gies an missten dann schon en bessen anpaacken. An Moies sinn mir dann erem fort gefuer.

Mir haaten um 14 Auer op der Gare Rendez-vous. Mir sinn vun do aus mam Tram bis bei den Bus gefuer. Mir sinn zu Bilsdorf unkomme an d'Scouten an Explorer waren schon do, sie waren amgaang hier Kichen op ze riichten. Beaver hunn hier Sachen geholl an sinn an d'Home gaang an mir hunn ons an Zelter installéiert. E puer Minuten méi spéit hunn mir all zesummen een Carré gemach an op een mol sinn Dinoen komm an hunn dem Fred an dem Wilma Feuerstein alles futti gemach an geklaut. Den Fred an d'Wilma sinn bei eis komm an hunn ons gefrot, op mir hinnen hëllef kënnten. Owes hunn mir Kniddelen gies, natierlech waren sie ganz gudd an mir konnten ons och verkleeden. No dem lessen sinn mir an d'Zelter gaangen an mir missten ons warm undoen. Währenddems hunn d'Cheffen mam Fred an Wilma Bänken op geriicht. Fir dem Fred an dem Wilma ze hëllef missten mir Kartenstécker fannen. Mat der Täschenluucht hunn mir denn Karten gesicht mee opgepasst et waren Dinoen do, déi ons gefaangen hunn. Den nächsten Dag sinn mir Moies an den Schiefer Musee gaangen. Mir sinn do enert den Buedem an ennerirdesch Tunnel gaang, hunn eng Ketten gemach an hunn awer och ons eegen Schieferplak gemach. Mëttes hunn mir en groußt Gänsepill gemach dat wor och ganz flott. Owes hunn mir Gulasch gies an missten dann schon en bessen anpaacken. An Moies sinn mir dann erem fort gefuer.

Louise Ketter


RAPPORT KloterSortie | TROUPE (SG)



Rapport Kloter Sortie 11.06.22

Den 11. Juni hunn mir eis um 10 Auer op der Gare Centrale getraff. Vun do aus hunn mir den Zuch fir op Bettembourg, bei de Parc Merveilleux geholl. Nodeems mir do eng Foto gemacht hunn ass et och schonn weidergang bis bei den Parc Le'h. Do hunn mir zesummen mat den Cheffen giess an duerno sinn mir eragaang fir ze klammen. Déi meescht hunn zwee Parkour'en gemacht, déi aaner hunn nach den "Barfußpfad" gemacht, awer dann missten mir och nees zeréck Richtung Gare de Bettembourg, wou mir oofgeholl ginn sinn. Daat Besch war dass mir all Spaass haaten ?

Leena Zahlen



PHOTOS Faakelzuch | GROUPE (GR)



PHOTOS Léiwefest | GROUPE (GR)



RAPPORT Pow-Wow | GROUPE (GR)



Pow Wow 09/10 Juli 22

Samschdes den 9. Juli ass et fir d'Scouten an Explorer lass gaangen! Sie hunn sech op en Trajet gemaach mat deenen verschiddensten Posten ënnerwee. Owes hunn se op der Campplatz zu Schëtter bei den Castoren giess an geschlof. Sonndes ass et dunn richtig lassgaangen. D'Beaver an d'Wëllef hunn och hiren Wee op den Pow Wow fonnt! Ugefaangen huet den Dag mat der Partie Officielle, wou d'Präisser vun deenen verschidden Branchenchalle'gen verdeelt goufen. Dëst Joer hunn sech d'Branchen ganz vill Méi ginn! D'Beaver kruten d'Bonne Colonie, d'Wëllef d'Bonne Meute an d'Scouten 2x d'Patrull vum Joer! **B.R.A.V.O** un Jiddereen! Ausserdeem hu mer eis och der alljährlecher Gruppenchallenge ugeholl an kruten och dëst Joer den Foulard d'Or iwwerrecht! No der Partie Officielle ass et vun mat der Kiermes lass gaangen. D'Branchen hunn sech opgedeelt an konnten lauter verschidden Posten matmaachen. Thema vum Dag war "Ënnerwaasserwelt", ganz passend zu dem waarmen Wieder. D'Beaver an d'Wëllef kruten souguer eng passend Show vun engem Bauchriedner presentéiert. Nomëttes gouf dann nach eng riseg "Chaine des Adieux" gemaach, befier sech jiddereen op den Wee heemgemaach huet. **DAMA**



PHOTOS LBB Piano | GROUPE (GR)



LBB SHOP

An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

in the
PACKAGE

**T-SHIRT
&
HOODIE**

fir nëmmen:
45 EURO



T-shirt 17€



Knuet 5€



Pullover 30€



Foulard 10€

and many more to ...

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie, T-Shirt, Foulard** & an nach villes mèi. Du kriss also Alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och **Kniet** fir un dän **Foulard, Scoutsbichelecher** ewéi och de **Vademecum...**

>> Ausserdem verkaafen mir och OccasionsHiemer << du kriss dëst schon fir 15 € ...

Next Datumer wou den **SHOP** op ass:

... 15/10/22 ... 10/12/22 ... 04/02/2023 ...

LIONS BLEUS - DON/REMERCIEMENTS



AIDONS CELLES ET CEUX QUI VIVENT DANS LA PRÉCARITÉ ET QUI ONT BESOIN DE SOINS DE SANTÉ!

Chère Madame, cher Monsieur,

De nombreuses personnes vivent ici, au Luxembourg, sans accès aux soins.

Chaque jour, les équipes bénévoles de Médecins du Monde Luxembourg accueillent et soignent les plus démunis. Nos équipes leur offrent un soin médical et social dans les centres de soins d'Ush-hur-Azette et de Bonnevoie.

Chaque année, ces lieux de consultation sont fréquentés par plusieurs centaines de personnes en provenance de tout le pays / ces personnes sont sans cadre de sécurité sociale, sans moyens de payer les soins médicaux, sans moyens de payer les médicaments.

Le financement des activités de Médecins du Monde dépend essentiellement de vos dons. Ils nous permettent de répondre aux nombreuses et indispensables sollicitations de nos bénéficiaires en les accompagnant le plus adéquatement possible.

Chaque don que vous faites à notre association, recevez d'office un certificat, est déductible des impôts. Un certificat fiscal vous sera envoyé.

Grâce à vous, **soignons l'urgence!**

Toute l'équipe de Médecins du Monde Luxembourg vous remercie du fond du cœur pour votre soutien.

g.m.c.
Dr Bernard Thill
Président

J. Sauer
Géraldine Schuman
Vice-présidente

FAITES UN DON EN 6 SECONDES



oo payconiq



HILFEN SIE DEN MENSCHEN, DIE IN ARMUT LEBEN UND MEDIZINISCHE VERSORGUNG BENÖTIGEN!

Sehr geehrte Frau, sehr geehrter Herr,

Viele Menschen, die hier in Luxemburg leben, haben keinen Zugang zu medizinischer Versorgung.

Täglich nehmen die ehrenamtlichen Teams von Médecins du Monde Luxembourg die Bedürftigen auf und behandeln sie. Sie leisten Arbeit in den Versorgungszentren in Esch-Azette und Luxemburg Wohnung sowie medizinische und soziale Betreuung.

Jedes Jahr werden diese Bedürftigen von mehreren hundert Menschen aus dem ganzen Land aufgesucht.

Diese Menschen haben keine Sozialversicherung und keine Mittel, um die medizinische Versorgung oder Medikamente zu bezahlen.

Die Finanzierung der Tätigkeit von Médecins du Monde hängt in erster Linie von Ihren Spenden ab. Sie ermöglichen uns, auf die zahlreichen menschlichen Anliegen unserer Empfänger zu reagieren und diese zu unterstützen wie möglich zu helfen.

Alle Spenden an Médecins du Monde sind steuerlich absetzbar, da wir als gemeinnützige Einrichtung anerkannt sind und Ihnen die Spendenbescheinigung umgehend ausstellen.

Mit Ihrer Hilfe helfen wir uns gegen Ungerechtigkeit.

Das gesamte Team von Médecins du Monde Luxembourg dankt Ihnen von ganzem Herzen für Ihre Unterstützung.

g.m.c.
Dr Bernard Thill
Präsident

J. Sauer
Géraldine Schuman
Vizepräsidentin

DON UNIQUE OU ORDRE PERMANENT

BILLUILL LU75 0020 0100 0005 0700
WILLUILL LU93 0030 0933 3757 0000
CCPLUILL LU40 1111 7023 9417 0000

croix-rouge luxembourgeoise
Manchen hilfe

Les Lions Bleus / Rover
Boite Postale 23
L-5801 Hesperange

Luxembourg, le 10 juin 2022

Madame, Monsieur,

Au nom de la Croix-Rouge luxembourgeoise, je tiens à vous remercier de tout cœur pour votre don généreux de **250,00€**, reçu le 31 mai 2022 pour apporter une aide à toutes les personnes et victimes touchées par le conflit armé en Ukraine.

Depuis le 24 février 2022, nos équipes font tout leur possible pour venir en aide à un maximum de personnes qui ont besoin d'une aide humanitaire d'urgence. Et leurs besoins sont multiples : fournitures médicales, biens de première nécessité ou articles d'hygiène par exemple.

Grâce à votre soutien, nous pouvons continuer nos actions en faveur de milliers de personnes. Nous distribuons de la nourriture, assurons les premiers secours et la protection et l'évacuation des enfants, de leurs mères et des personnes handicapées. Nous avons également pu acheter le matériel médical manquant dans deux hôpitaux de la région de Donetsk, où les équipes de la Croix-Rouge luxembourgeoise sont actives, et organiser l'évacuation des personnes blessées de la zone.

En réitérant mes remerciements pour votre soutien précieux, je vous prie d'agréer, Madame, Monsieur, l'expression de mes sentiments distingués.

*Suisse
Merci à
Konk's Part*

Michel Simonis,
Directeur-général

La Croix-Rouge luxembourgeoise est reconnue d'utilité publique par la loi du 16 août 1953 et peut comme tel recevoir des dons en espèces déductibles dans la limite des dons effectués comme dépenses opérationnelles dans les limites fixées par l'art. 109, alinéa 1 no 3 de la L.I.R. Ce document sert de justificatif vis-à-vis de l'Administration des Contributions.

Si les sommes collectées dépassent les besoins du projet ou que des opérations opérationnelles ne permettent pas sa poursuite, la Croix-Rouge utilisera les fonds pour des programmes de même nature en conformité à son objet statutaire.

Croix-Rouge luxembourgeoise
Adresse postale : BLR 404 L-2014 Luxembourg | Adresse du siège : 44, boulevard Joseph II L-1840 Luxembourg
T : (+352) 2755 - F : (+352) 27 55-2001 - siege@croix-rouge.lu - TVA : LU 11877709
Numéros de compte :
CCPLUILL LU92 1111 0000 1111 0000 - BILLUILL LU50 0023 1017 5400 0000
BGLLUILL LU32 0030 0422 0030 0000 - BCEELUILL LU79 0019 1000 1279 4000

croix-rouge 2776 La Société nationale de la Croix-Rouge luxembourgeoise est reconnue d'utilité publique par la loi du 16 août 1953. www.croix-rouge.lu

WOSM & FNEL NEWS



FNEL SCOUTS-SHOP
Adresse:
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
17:00 - 19:00
Den ScoutsShop ass
ëmmer Donneschdes
op, ausser während
den Schoulvakanzan!

01.10.2022	Festival NEPAL ab 12h00 FNEL
14.10.2022	Formation SG/EX_Soirée
14-16.10.2022	JOTA-JOTI
21.10.2022	BV KenneLëierOwend
29.10-06.11.2022	AllerhelljenVakanz
28-01.11.2022	Formation BV_Camp
28-01.11.2022	Formation LX_Camp
29-01.11.2022	Formation SG/EX_Camp
05.11.2022	EX Kachduell
12-13.11.2022	NEPAL PréparationsWE
19-20.11.2022	Tronc Commun 1
23.11.2022	CoGro
26-27.11.2022	Tronc Commun 2
17.12.2022	RO Krëscht patt
23.12.2022	WinterWonderLand
24.12-08.01.2023	KrëschtVakanz
01-16.04.2023	Camp NEPAL
01-12.08.2023	JAMBOREE an Korea

ET SCHÉNGT ...

- 01) wéi wann d'Lions Bleus dem Inia & Vari all Gudds wënschen fir d'Zukunft bei hieren 2 neien Challenge.
- 02) dat RO/CH während der Pandemie de Léit ënnert Ärm gegruff hun waat Akaafen goen&co ugaang ass.
- 03) dat den LB Grillstand um Virowend vu N-Feierdaag endlech nees konnt organiséiert gi an statt fannen
- 04) dat eisen trad.Oofschloss vum Scoutsjoer, no 2 Joer Paus nees konnt wéi gewinnt organiséiert ginn.
- 05) dat Lions Bleus um dës-jähregen Pow-Wow och nees mat um Start woren an ganz vill Spaass haaten.
- 06) wéi wann CH sëch wéi gewinnt ugangs September getraff hun fir iwwert de Joresprogramm ze kucken.
- 07) dat mer leider gezwongen sinn no villen Joren mol nees emol eis Praisser am LBB Shop erop ze setzen.
- 08) wéi wann d'AG vun der FNEL e GROUSSEN DAG fir d'FNEL an fir hiir mëttlerweil 30 ScoutsGruppen wor.
- 09) dat een no sou S-Camp (aus Erfahrung) ëmmer Iwwerraschungen fënnt am/beim Material nom Retour.
- 10) wéi wann d'Kanner op der GV immens gudd zesummen geschafft haaten op hieren Missiounen.

ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

- 01) dat Sie Zouwuess kréien, an och den nächste Schrëtt am Familienliewen trauen, an sech bestueden.
- 02) dat hei puer Sue zesumme komm woren an LBB déi gespend hun un ONGD FNEL, CroixRouges & MSF.
- 03) dat Dësen groussen succès haat bei Scoutkollegen Frënn, an mir e flotten owend zesummen verbuecht & gefeiert hun.
- 04) dat ‚Skandinavien-Léiwefest‘ ganz vill UKlang fonnt haat, an mer e flotten ‚Midsommer-Owend‘ haaten.
- 05) dat LBB flaisseg ausgezeecht goufen an all d'Branchen vu Beaver-Explorer > B.R.A.V.O. Weider sou :)
- 06) dat Sie gudd geschafft hun de Weekend, an loosst Ierch iwwerraschen op deen flotten Programm.
- 07) wéi wann daat duerch déi allgemeng Praisdeierecht & Praisserhéigungen an Europa hiirkënn.
- 08) dat ‚FNEL ASBL‘ gestëmmt ginn ass, an den ‚acte de constitution de FNEL asbl‘ ënnerschiwwé ginn ass.
- 09) wéi wann sëch wuel nii eppes ännert an d'Patrullenkëschten & Inhalt wuel lichten faarfwiessel haaten ;(
- 10) dat Sie zum Schluss schnell d'Persoun X fonnt haaten an den Schlëssel vun eisem Home zerëck kruuten.

LBB MEMES

Hola! Soy Dora!



Einfach
guer keng
Sonnecrème
benotzen

D'Kleeder an
eng Kaap
unhalen fir net
ze verbrennen

Sech vu Kap
bis Fouss
mat indice
50+ acrèmen

Anstatt
Sonnecrème,
Après-Soleil
benotzen
well firwaat
net 🧐



This is me three
weeks in Sweden:



LES AMIS DES LIONS BLEUS




M.Schintgen Claude, Goebbels Joanne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, Mchale Evelyne/Drennan, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Thibo Charles, Famille Reiners, Fam.Zimer, Fam.Engel, M.Minn Claude, Fam.Theisen/Jhang Katia, Anonyme TS, Fam.Hebeler-Simon, Fam.Konsbruck-Droulans, Fam.Rod-Keller, MME Reifenrath Katrin, ...

AGENDA | Oktober-Dezember'22

oktober'22		november'22		dezember'22		
Sa	1	MONTEE		Do	1	
So	2	MONTEE		Fr	2	LB Chrëschtmaart / Kleeschen
Me	3			Sa	3	keng Versammlung RO/TB Weekend
Dë	4			So	4	RO/TB Weekend
Më	5			Me	5	
Do	6			Dë	6	
Fr	7			Më	7	
Sa	8	BV/LX/TV/EX		Do	8	
So	9			Fr	9	
Me	10			Sa	10	BV/LX/TV EX BA Winterkids
Dë	11			So	11	RO/TB BA Winterkids
Më	12			Me	12	
Do	13			Dë	13	
Fr	14			Më	14	
Sa	15	keng Versammlung BV/LX VIIZ-WE		Do	15	COMITE
So	16	VIIZ-WE , ÄPPELSTUFF LB Shop & SecondHand		Fr	16	
Me	17			Sa	17	BV/PV LX Sortie / EX BA Winterkids
Dë	18			So	18	RO/TB BA Winterkids
Më	19			Me	19	
Do	20	COMITE		Dë	20	
Fr	21			Më	21	
Sa	22	BV/LX/PV/EX		Do	22	
So	23			Fr	23	FNEL WinterWonderLand
Me	24			Sa	24	keng Versammlung
Dë	25			So	25	
Më	26			Me	26	
Do	27			Dë	27	
Fr	28			Më	28	
Sa	29	keng Versammlung BV/LX Weekend		Do	29	
So	30	BV/LX Weekend		Fr	30	
Me	31			Sa	31	KRËSCHTVAKANZ 24.12-8.01.23


ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT



fneI   
scouts & guides



... Välkommen till öppningen av
PolarisCamp ...
... Herzlich Willkommen zur
Eröffnung des PolarisCamp...



* THATS ALL FOLKS ...